



**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 6229 vum honorabelen Deputéierten André Bauler zum Sujet "CGDIS zone Nord"**

Neen, et stëmmt net, datt Beruffspompjeeën, déi an engem vun den Asazcenteren (CIS) aus der Regioun Norden affektéiert sinn, ofgezu goufen oder solle ginn.

Den Effectif vu Beruffspompjeeën an de CISen aus dem Norden ass tëscht 2018 an 2022 vun 21 op 64 eropgaangen. Grondsätzlech kann ee soen, datt d'Disponibilitéit vun dese CISen haut besser ass, wéi se jee virdru war.

Mat der Ëmsetzung vum Plan national d'organisation des secours (PNOS) wäerten och an de kommende Jore weider Ustrengunge gemaach ginn, fir d'zivil Sécherheet am Norden an am ganze Land nach weider ze verbesseren.

Lëtzebuerg, de 07/06/2022.  
D'Inneministesch  
(s.) Taina Bofferding